# Eis journée pédagogique

Den 24.09 hu mir de **Grondsteen vun eiser Schoulcharta** geluecht.

Mir, dat war dat gesamt Léierpersonal, 11 Leit aus der Kannerstuff (maison relais), 12 Schoulkanner aus den Cyclen 3 a 4, 3 Elterevertrieder an eis Kursleiteren, d'Diplompädagogin Gitte Landgrebe an den Diplom-Psycholog Jörg Haferkamp

De Schoulcomité huet sech am Virfeld zum Thema Schoulcharta informéiert an huet sech e Bild dovu gemaach wéi esou eng Schoulcharta kann ausgesinn. Di gesammelt Informatioune goufe virgestallt a mir hunn eng Form fir eis Charta festgehal.

**Mir hätte gär eng Schoulcharta mat Illustratiounen, a Form vun engem Buch (wéi z.B. déi vu Wënscher), op Lëtzebuergesch mat nodreeglech enger Iwwersetzung, wou allgemengülteg a verbindlech Reegelen dra festgehal sinn. „Ech wënsche mer datt a menger Schoul …, dofir…"**

Als nächst ass et dunn drem gaang eng gemeinsam **Visioun** fir eis Schoul ze entwéckelen.

Jidderee konnt sech fir sech seng Gedanken dozou maachen. A klenge Gruppe goufen d'Resultater vun den Iwwerleeunge festgehal, an duerno gouf am grousse Grupp eng Synthèse gemaach. D'Kanner waren zesummen an engem Grupp dee vum Gitte Landgrebe geleet gouf.

D'Photoen dokumentéieren di verschidde Gruppenaarbechten zur Visioun vun eiser Schoul.

A Form vu beschrëfte Biller vun de Kanner:















A Form vu Sätz bei den Erwuessenen:







Duerch d'Erfirhiewe vun den Gemeinsamkeeten ass et dorops méiglech ginn e Sproch festzehalen deen nach eemol vum ganze Grupp kommentéiert a perfektionnéiert gouf. Eis **Visioun**



Di kleng Gruppen hunn sech duerno erem zesummegesat fir gemeinsam **Werter** festzehalen. Déi sinn am grousse Grupp virgestallt an opgehang ginn. Dobäi hunn sech 5 Werter als Spitzenreiter erauskristalliséiert:




Fir eng Hitlëscht ze erstelle vun deene weidere Werter deene mir eis verbonne fillen, huet jiddereen därfen 3 rout Punkte verdeelen an dobäi koum een zimlech däitlecht Resultat eraus:




An Zukunft wert et elo drëm goen d'Reegelen ze formuléieren di mir gär an eis Schoulcharta schreiwen. D'Werter an d'Visioun vun eiser Schoul sollen eis dobäi leeden. Mir hunn eng Aarbechtsgrupp gegrënnt, déi dat an de Grapp hëllt..

D'Membere sinn Enseignanten, Elterevertrieder an Educatricen aus der Maison Relais.

Cycle 1: Nadia Hein, Cycle 2: Fabienne Breedijk-Goedert, Cycle 3: Fabienne Reuland, Cycle 4: Corinne Lucas, 1 bis 2 Elterevertrieder di no hierer Wal bestëmmt ginn, Kannerstuff: Julie Philippe a Betty Lipperts, Coordinatrice Sandra Turmes-Bleser

Dëse Grupp trëfft sech eng éischte Kéier am Januar.

D'Bilanz vun eiser journée pédagogique ass duerch d'Bänk eng ganz positiv a mir denken drun fir d'nächst Joer nees op dat Mëttel zréckzegräife, wann et drem geet eis Schoulcharta mat Liewen ze fëllen